

D’Kameraiwwerwaachung am Gesetzesprojet N°7498 an d’Menscherechter

Am Gesetzesprojet geet et drëm fir der Kameraiwwerwaachung, déi vun der Police gemaach gëtt, e gesetzlechen Kader ze ginn. D’Kameraiwwerwaachung huet primär d’Zil, fir engersäits Infraktiounen ze verhënneren, an falls se awer solle geschéien, datt d’Täter dann fonnt a bestrooft kënne ginn.

Mir kënnen hei lo net op all Punkt vun eisem Avis agoen, et ass en immens techneschen Sujet an dofir hunn mir hei just e puer Punkten erausgesicht. Méi Detailer fannt Dir am Avis selwer.

Wéi eng Rechter si betraff? D’Kameraiwwerwaachung kann en Agrëff op verschidde Rechter duerstellen: Zum Beispill d’Recht op Privatsphäre, d’Recht op de Schutz vu perséinlechen Donnéen, Meenungs- a Pressefräiheet (Beispill : Duerch d’Presenz vun enger Kamera virun engem Pressegebei kéint een Informant eventuell net wëllen era goen oder Journalisten Autozensur ausüben), d’Recht ze manifestéieren (Beispill : Leit kéinten eventuell entscheeden fir net op Protestaktiounen deelzehuelen wann Kameraen do sinn) oder d’Recht net diskriminéiert ze ginn, zum Beispill op Basis vun der Hautfaarf oder dem Geschlecht. En Agrëff op des Rechter duerch d’Videoiwwerwaachung kann, a verschiddene Situatiounen, trotzdeem konform zu de Menscherechter sinn, mee dofir muss se, wéi den Här Pregno schonn sot, e legitimt Ziel verfollegen, eng legal Basis hunn, a si muss néideg an proportional sinn.

An dem Zesammenhang stellt sech d’Fro, ob d’Videoiwwerwaachung eigentlech effikass, an doduerch néideg ass? Momentan ass et schwéier eng Äntwert op déi Fro ze fannen. Wat d’Preventioun ugeet, do schéngen déi Etüden déi mir gekuckt hunn drop hincweisen datt d’Kriminalitéit an éischer Linn op aner Plazen verdrängt gouf. Wat d’Opléisung vu Verbrechen ugeet, do kënnen d’Biller dozou bäidroen fir Fäll méi séier ze léisen, mee et ass am Moment net méiglech ze soen a wéi ville Fäll a wéi genee déi enregistriert Biller ausschlaggebend waren. Mir recommandéieren dofir datt d’Effikassitéit an d’Risiken fir Deeler vun eiser Gesellschaft an d’Menscherechter am Allgemengen analyséiert a berécksichtegt mussen ginn. An dem Zesammenhang begréissen mir och datt d’Generalinspektioun vun der Police domat beoptraagt gouf, fir eng Etüd ze maachen an hoffen datt si all déi Elementer kuckt. Mir wieren frou wann déi Etüd dann och public gemaach géing ginn.

Hei muss och gesot ginn datt Kameraiwwerwaachung eleng ni duergeet fir d’Kriminalitéit ze bekämpfen, se muss ëmmer een Deel vun enger méi grousser Strategie sinn. D’Kameraen ersetzen d’Aarbecht vun der Police um Terrain och net – dofir muss gesuergt ginn datt d’Police déi néideg Ressourcen huet fir hier Missiounen an Evaluatiounen duerchféieren ze kënnen. Am Allgemengen froen mir eis op et eng Fiche Financière zu dësem Gesetzesprojet gëtt – a wann net, recommandéieren mir d’Käschten vun der Videoiwwerwaachung ze analyséieren.

Dobäi kennt datt weder Kameraen, nach Police Presenz oder soss repressiv Mesuren sozial Problemer oder zum Beispill eng Drogessucht léisen kënnen. An éischer Linn muss do also an eng gutt a koherent sozial-ekonomesch Politik investéiert ginn.

Et ass och wichteg datt d’Kameraiwwerwaachung net aus de falschen Grënn benotzt gëtt – och wann vill Leit dofir schéngen ze sinn, legitiméiert dat se net. Et dierf een sech net vum subjektiven (On)Sécherheetsgefill steieren loossen an et muss een dofir suergen datt d’Populatioun richteg iwwert d’Méiglechkeeten an d’Risiken vun der Kameraiwwerwaachung informéiert sinn.

Wat kann iwwerwaacht ginn laut dem neien Gesetzesprojet? Bis elo war just d’Staat Lëtzebuerg concernéiert, mam Gesetzesprojet gëtt déi Méiglechkeet theoretesch op d’ganzt Land ausgebaut. Fir all Plaz muss de Minister, op Basis vun Informatiounen déi e vum General Direkter vun der Police kritt, eng Autorisatioun ginn, déi 3 Joer laang gültig ass. D’CCDH begréisst datt do zum Beispill muss bewisen ginn firwat d’Videoiwwerwaachung op enger bestëmmter Plaz néideg ass oder wat den Impakt op d’Mënscherechter ass. Et kéint een hei och iwwerleeën en externt Organ domat ze beoptragen oder Experten do mat bäizehuelen.

Wat elo déi konkret Plazen ugeet déi gefilmt kënnen ginn, do zielt de Gesetzesprojet der 4 op. Et geet em Plazen wou méi en héijen Risiko besteet datt Delikter oder Crimmen virkommen:

- Plazen wou ëfters déi selwecht “Typen” vu Crimmen an Delikter virkommen
- Plazen, déi op Basis vun hirer “Konfiguratioun” verschidden Infrastrukturen favoriséieren (Hei geet net kloer aus dem Gesetzesprojet ervir wat fir Plazen dat genee solle sinn)
- D’Emgegend vu Gebaier wou gréisser Evenementer stattfannen (Stadion)
- Plazen déi eng grouss Unzuel vu Leit usammelen (Gare, Flughafen, ...)

Am Moment kéint dat alles relativ large interpretéiert ginn an et ass schwéier ze soen wéineg Plazen net dorënner falen kéinten, dofir recommandéieren mir dat nach méi ze encadréieren. En plus soll eiser Meenung no präziséiert ginn datt ëmmer fir d’éischt emol gekuckt muss ginn aner, manner intrusiv Mesuren ze huelen. Wann déi net gräifen oder kee Sënn maachen, an d’Videoiwwerwaachung erwisenermoossen effikass kéint sinn fir den existéierenden Problem ze léisen, dann réischt soll een och dorop zeréckgräifen kënnen.

Privatagäng a Fënsteren ginn iwwregens momentan vun der Police verpixelt, wat och lo am Gesetzesprojet drasteet. Dat begréissen mir, a recommandéieren datt präziséiert soll ginn datt de Logiciel dat automatesch muss maachen.

Wéi gëtt gefilmt? Engersäits gëtt et eng Equipe déi d’Biller en direkt ukuckt (am Normalfall vun 7h00-19h00). Wann déi eppes gesäit, da kënnen si dat weiderginn. D’Biller ginn och fir 2 Méint gespäichert, mee déi dierfen dann nëmmen am Kader vun enger spezifescher Missioun gekuckt ginn (Strofverfolgung). Hei ass et virun allem wichteg, all

Agent ze forméieren an ze sensibiliséieren wat d'Risiken ugeet fir verschidden Deeler vun der Bevëlkerung, fir ze verhënneren datt vereenzelt Persounen, zum Beispill op Basis vu Virurteeler, méi opfalen.

De Projet gesäit dann och fir datt et méiglech soll ginn fir op eng sougenannten "detection automatique de situations" zeréckzegräifen. Dat ass eng performant an "intelligent" Technik, déi automatesch erkennen soll wann eppes geschitt, zum Beispill eng Massepanik oder awer och suspekt Objeten oder Persounen. Allerdéngs ass net kloer wat fir Technologien do genee benotzt solle ginn. Et stellt sech och d'Fro wien festleet wat e suspekt oder en anormaalt Behuelen ass. Intelligent Kameraen sinn och net feelerfräi : an aneren Länner kënt et do zum Beispill fir datt verschidden Leit méi oft rausgefiltert ginn, während anerer manner detektéiert ginn. Déi Technik soll deels och fäeg sinn Persounen op Grond vun hiren Bewegungen ze identifizéieren. D'CCDH regrettéiert datt de Gesetzesprojet do net méi präzis ass a recommandéiert datt des Technik méi studéiert an encadréiert soll ginn, fir potentiell Diskriminatiounen ze evitéieren.

D'CCDH recommandéiert dann och nach datt kloer am Text selwer stoen soll datt Gesiichtserkennung, Tounopnamen an aner Methoden net ugewannt dierfen ginn, och net nodeems d'Biller enregistréiert goufen – well am Moment ass dat net kloer.

D'Sécherheet vum Traitement: De Projet de Loi gesäit fir datt Detailler wat d'Sécherheet uginnt an engem Reglement Grand-Ducal festgeluecht ginn. Mir regrettéieren datt den net mam Gesetzesprojet publizéiert ginn ass, an Zukunft wier et gutt déi Projeten och mam Gesetzesprojet ze verëffentlechen. Well do mussen wichteg Detailler gekläert ginn, zum Beispill datt de Fournisseur oder Installateur vun de Kameraen keen Accès op d'Biller huet.

D'Recht op Informatiounen: D'CCDH begréisst datt d'Autorisatioun vum Minister publizéiert gëtt, an datt Schëlde op d'Presenz vu Kamerae hiweisen müssen. Mir recommandéieren datt doriwwer eraus all Avis, Etüd oder Evaluatioun verëffentlecht soll ginn an verständlech Informatiounen zum Beispill op engem Internetsite stoen sollen, iwwert d'Zonen déi iwwerwaacht ginn, d'Technologien déi benotzt ginn an d'Méiglechkeeten fir e Recours anzeleeën. Des weideren missten d'Informatiounen op de Panneauen iwwerschafft an accessibel Alternativen fir Leit mat engem Handicap ausgeschafft ginn.

* * *

Schlussendlech kann een sech erwaarden datt an nächster Zukunft och nach aner Froen an dem Beräich op eis duerkommen. Och fir déi muss et en adequaten gesetzlechen Kader ginn, an et wier wichteg fir amplaz ze waarden bis et souwäit ass, dem lo scho virzegräifen an d'Fro vun der Kameraiwwerwaachung méi global unzegoen.